



## Biografie vum Prënz Guillaume

---

De Prënz Guillaume ass den 11. November 1981 an der Maternité Grande-Duchesse Charlotte zu Lëtzebuerg op d'Welt komm.

### Presentation

De Prënz Guillaume Jean Joseph Marie, Prënz vu Lëtzebuerg, Prënz vun Nassau a Bourbon-Parme, ass den eelste Jong vum Grand-Duc Henri an der Grande-Duchesse Maria Teresa vu Lëtzebuerg.

Seng Bridder a Schwëstere sinn:

- de Prënz Félix
- de Prënz Louis
- d'Prinzessin Alexandra
- de Prënz Sébastien

Nodeems säi Papp, de Grand-Duc Henri, de 7. Oktober 2000 op den Troun koom, huet de Prënz Guillaume den 18. Dezember 2000 den Eed ofgeluecht an ass doduerch offiziell Ierfgroussherzog ginn.

De 26. Abrëll 2012 ginn de Grand-Duc an d'Grande-Duchesse d'Verlabung vum Prënz Guillaume mat der Comtesse Stéphanie de Lannoy bekannt. D'Hochzäit gëtt den 20. Oktober 2012 an der Kathedral Notre-Dame zu Lëtzebuerg gefeiert. D'Gräfin Stéphanie gëtt domadder Prinzessin an Ierfgroussherzogin vu Lëtzebuerg.



De Pränz Guillaume an d'Prinzessin Stéphanie sinn Eltere vun engem Jong: de Pränz Charles Jean Philippe Joseph Marie Guillaume ass den 10. Mee 2020 an der Maternité Grande-Duchesse Charlotte zu Lëtzebuerg op d'Welt komm.

## Ausbildung

De Pränz Guillaume ass zu Luerenzweiler an d'Primärschoul gaangen. Seng Studien huet hien am Lycée Robert Schuman zu Lëtzebuerg ugefaangen, éier hien duerno am Alter vu 16 Joer op den *Institut Le Rosey* sou wéi op de *Collège Alpin Beausoleil* an der Schwäiz gaangen ass, wou hien 2001 säin Ofschlossdiplom krut. De Pränz Guillaume schwätzt fléissend Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch, Englesch a Spuenesch.

Sou wéi et zanter laangem Traditioun an der groussherzoglecher Famill ass, huet de Pränz Guillaume vu September 2001 bis August 2002 seng Ausbildung zum Offizéier op der *Royal Military Academy Sandhurst RMAS* (Kinneklecher Militäarakademie Sandhurst) mat Erfolleg absolvéiert.

De Pränz Guillaume gouf am Dezember 2002 als Offizéier vun der Lëtzebuenger Arméi vereedegt an dréit zur Zäit de Grad vum Colonel.

No engem Studium vun internationaler Politik am England mécht hie weider Studien a Frankräich, wou hien 2009 eng duebel Lizenz mat Auszeichnung an de Fächer Literatur- a Politikwëssenschaften op der Universitéit Angers kritt.

Parallel zu sengen Universitätsstudien huet de Pränz Guillaume sech duerch verschidde Course mat der wirtschaftlecher a politescher Welt vertraut gemaach. Den Ierfgroussherzog huet an deem Kader och Stagë bei multinationalen Entreprises, sou zum Beispill 2003 bei der *Union chimique belge* an 2004 bei der *Deutsche Bank* zu London gemaach. Am Joer 2005 gouf hien an déi verschidden Aktivitéite vun der spuenescher Néierloossung vum Grupp *ArcelorMittal* agefouert.



MAISON DU GRAND-DUC

De Prënz Guillaume bereet sech als Trounfollger op seng spéider Roll vir. Hie bedeelegt sech an deem Kontext un de wirtschaftlechen a sozialen Engagementer vun der lëtzebuerger Regierung.

Sou hält de Prënz Guillaume 2005 mam Premierminister a mam Ausseminister un der *Millenium Conference* vun de Vereenten Natiounen zu New York deel, där hiert Zil d'Eliminatioun vun extremer Aarmut an der Welt war.

Duerch en Oenthalt bei der europäescher Kommissioun an der permanenter Verriedung vum Grand-Duché zu Bréissel am Joer 2012 konnt de Prënz seng Kenntnisser iwwer de Fonctionnement vun der europäescher Unioun, de Verhandlungsprozesser an den institutionellen Ofleef verdéiwen. Hien huet ënner anerem um *Conseil des Affaires étrangères* an um *Comité politique et de sécurité (COPS)* deelgeholl.

Vun 2018 bis 2019 absolvéiert de Prënz Guillaume e Studiegang um *Royal College of Defence Studies (RCDS)* zu London, fir zousätzlecht Fachwëssen en Vue vu sengen zukünftigen Aufgaben als Staatschef ze kréien an domadder beschtméiglechst op seng spéider Responsabilitéite virbereet ze sinn.

## Dem Ierfgroussherzog säin Engagement fir d'Natioun

Gläichzäiteg huet de Prënz Guillaume ugefaangen, senge Representatiounsflichte nozegoen. Dobäi geet et zemoos ëm d'Promotioun vu Lëtzebuerg am Ausland, awer och ëm d'Ënnerstëtzung vu Betriber a Wirtschaftsinitiativen hei am Land.

## Säin Engagement am Ausland

Am Mäerz 2001 huet hien d'Éierepresidence vum *Board of Economic Development* vum Grand-Duché ugeholl, enger Agence fir Wirtschaftsförderung an -entwécklung, déi haut *Trade and Investment Board* heescht.



MAISON DU GRAND-DUC

Am Alter vun 19 Joer presidéiert hie scho seng éischt Wirtschaftsmissiounen, déi hien an d'Republik Korea, an Italien sou wéi an Amerika gefouert hunn.

Houfreg der Natioun ze déngen, gëtt den Ierfgroussherzog reegelméisseg agelueden, de Grand-Duché op wirtschaftlechen a finanzielle Prospektiounsmissiounen am Ausland ze verrieden, déi hien a sëlleg Länner an Europa, Amerika, Asien an Afrika gefouert hunn.

Zanter 2004 iwwerrecht den Ierfgroussherzog a senger Qualitéit als Éierepresident vum *Trade and Investment Board d'Auszeichnung Luxembourg American Business Award* zu New York.

## Säin Engagement zu Lëtzebuerg

Am Kader vun der wirtschaftlecher Promotioun vu Lëtzebuerg hält de Prënz Guillaume dacks un Evenementer vun *Luxemburg for Business* deel. Gläichzäiteg ass hie reegelméisseg bei Aktivitéite vun der Handelskummer, *Luxembourg for Finance* an der Fedil (Fédération des Industriels Luxembourgeois) derbäi. Domadder dréit de Prënz, zesumme mat de wirtschaftlechen Acteuren, zur Visibilitéit an zur Attraktivitéit vum Land bäi.

Zanter lo scho 50 Joer gëtt déi feierlech Zeremonie vun der Iwwerreechung vum Meeschterbréif vun der Handwierkerkummer vun engem Member vun der groussherzoglecher Famill presidéiert. Eng Éier, déi dem Prënz Guillaume zanter 2004 zegutt kënnt.

Den Ierfgroussherzog ass donieft och säit 2015 bei der Diplomiwwerreechung vun der Chambre de Commerce present.

Seng Ënnerstëtzung fir d'Acteure vum Wunnengsmaart weist hien andeems hien all Joer *d'Home & Living Expo* besicht.



MAISON DU GRAND-DUC

## Representativ Aufgaben

Zanter dem 24. Juni 2005 ass den Ierfgroussherzog Member vum Staatsrot. Hien hëlt reegelméisseg un de Plenarsätzungen, sou wéi u verschiddene Kommissiounen deel, wat him erméiglecht, seng Kenntnisser iwwer institutionell a legislativ Ofleef am Land ze verdéiwen.

Säit senger Nominatioun zum Ierfgroussherzog huet de Prënz Guillaume déi groussherzoglech Koppel op sëlleg representativ an institutionell Aktivitéite begleet, wéi op d'Feierlechkeeten am Kader vum Nationalfeierdag, d'Neijoersaudienzen, déi den nationalen Autoritéiten accordéiert goufen, sou wéi op vill Staats- an offizielle Visitten.

De Prënz gesäit et als seng Pflicht fir d'Erennerungskultur héich ze haalen. Sou hunn d'Gedenkfeieren zum Zweete Weltkrich duerch d'Erzielunge vu sengem Grousspapp, dem Grand-Duc Jean, e ganz besonnesche Stellewäert. Zanter senger Vereedegung huet de Prënz Guillaume un nationalen an internationale Gedenkfeieren zum Zweete Weltkrich deelgeholl, wéi un der Gedenkfeier zum 70. Joresdag vun der Befreiung vu Veianen, vum Konzentratiounslager Auschwitz-Birkenau a vum KZ Mauthausen am Joer 2015. Hien huet eng Bildungs-, Kultur- a Gedenkrees vun der ASBL Témoins de la 2e Génération op Krakau an Auschwitz am Joer 2016 begleet. Am Joer 2019 huet hien un de Gedenkfeieren zum 75. Joresdag vun der Ardennenoffensiv um Schumannseck deelgeholl.

## Auszechnungen

Als Member vun der groussherzoglecher Famill dréit de Prënz Guillaume de « Chevalier de l'Ordre du Lion d'or » vum Haus Nassau, d' « Grand-Croix de l'Ordre de Mérite civil et militaire d'Adolphe de Nassau » an d' « Grand-Croix de l'Ordre de la Couronne de chêne ».



MAISON DU GRAND-DUC

Den Ierfgroussherzog huet de « Grand Officier de la Légion d'honneur » zanter dem Joer 2015.

2018 huet den *John E. Dolibois European Center* vun der *Miami University* dem Ierfgroussherzog déi héchsten Auszeechnung, den Doktertittel honoris causa, fir säin ëffentlecht a soziaalt Engagement iwwerrecht.

## Aktivitéite vun der ierfgroussherzoglecher Koppel

De Prënz Guillaume an d'Prinzessin Stéphanie iwwerhuele vill Aktivitéiten zesummen.

Hir Engagementer als Koppel spigelen dacks hir gemeinsam Interessen erëm. D'Fërderung vun der Lëtzebuenger Handwierkskonscht ass ee Beispill dofir. Zesumme mat senger Fra, der Grënnerin an Éierepresidentin vun der Asbl « De Mains de Maîtres », setze si sech fir d'Promotioun vum Lëtzebuenger Konschthandwierk an.

Nieft den Aktivitéiten wirtschaftlecher Natur, bedeelegen den Ierfgroussherzog an d'Ierfgroussherzogin sech aktiv um kulturelle Liewen zu Lëtzebuerg. Si gi reegelméisseg op Concerten, Salonen a bei Kënschtlerkreesser oder besichen Ausstellungen a verschiddene Lëtzebuenger Muséeën.

## Haut-Patronagen

Vu sengem Grousspapp a Papp ass de Prënz Guillaume encouragéiert ginn d'Natur ze entdecken an ze schützen. Hien ass säit senger Kandheet Member vun de Scouten. Am Summer 1997 huet hien als jonke Scout mat vill Begeeschterung un engem humanitäre Camp am Nepal deelgeholl, vun deem him onvergiesslech Erënnerungen bleiwen. Hien huet do un engem Opforstungsprojet sou wéi un aneren Aktiounen zugonschte vun den am meeschte benodeelegte Communautéite matgeschafft.



MAISON DU GRAND-DUC

Am Joer 2017 ass den Ierfgroussherzog dem Verwaltungsrat vun der *World Scout Foundation* bäigetrueden, fir d'Scoutsbewegung weltwäit z'ënnerstëtzen. Am September 2021 huet hien de Poste vum Virsätz vun der *World Scout Foundation* ugeholl. Zu Lëtzebuerg huet de Prënz Guillaume mat Houfert den Titel vum Chef Scout nom Doud vum Grand-Duc Jean, deen dësen Titel zanter 1945 gedroen huet, iwwerholl an huet säi Versprechen am Oktober 2019 virun nobäi 3000 Scouten am Stater Park ofgeluecht.

Hie befaasst sech mat villen Initiativen zur Ënnerstëtzung vun der Jugend, besonnesch am Beräich vun der allgemenger a berufflecher Ausbildung. An dësem Kontext huet hien ënner anerem deelgeholl:

- um europäeschen Treffere vun de Lëtzebuurger Studenten (REEL) am Joer 2003,
- um UNESCO-Weltjugenddag 2005,
- un den REEL-Debatten zu Stroossbuerg am Joer 2013.

Hien accordéiert der *Centrale des auberges de jeunesse* am Joer 2001 säin Haut Patronage. Ausserdeem huet hien zanter 2020 den Haut Patronage vun de Jonke Fuerscher Lëtzebuerg iwwerholl.

D'Entrepreneariat ass dem Ierfgroussherzog immens wichteg, dofir huet hien 2013 den Haut Patronage vun de Jonken Entrepreneuren Lëtzebuerg an 2017 vun der *Fédération des Jeunes Dirigeants d'Entreprise* iwwerholl.

Den Ierfgroussherzog interesséiert sech besonnesch fir Social Business an d'Entwécklungen am Kader vun der Mikrofinanz, zwee villversprechend Instrumenter am Kampf géint d'Aarmut. Hien hält an deem Kader u verschiddenen Global Grameen Treffen, der *Alfi Spring Conference* am Joer 2015, sou wéi u weidere Manifestatiounen an dësem Beräich deel.



MAISON DU GRAND-DUC

No méi wéi 10 Joer (2000-2011) als President vum Verwaltungsrat vun der Fondatioun Kräizbierg, déi sech fir Mënschen mat Behënnerung asëtz, krut den Ierfgroussherzog am Mäerz 2011 den Titel vum Éierepresident. De Prënz Guillaume ass dëser Stëftung enk verbonnen a schätzt ënner anerem hiert Konzept vun der sozialer a beruflecher Integratioun.

Zanter dem Joer 2017 huet hien den Haut Patronage vun Special Olympics Lëtzebuerg, zanter dem Joer 2002 vun der nationaler Vereenegung fir Verkéiersaffer, an hien ass nieft sengen Elteren a senger Fra och nach Member am Verwaltungsrat vun der Fondation du Grand-Duc et de la Grande-Duchesse.

Am Joer 2020 iwwerhëlt den Ierfgroussherzog d'Funktioon vum Éierégouverneur vum Lions-Distrikt 113 Lëtzebuerg, déi virdru vum Grand-Duc Jean vun 1967 bis zu sengem Doud am Joer 2019 assuréiert gouf.

## Interessen

De Prënz Guillaume ass intresséiert u Politik, Wirtschaft, Philosophie a Geschicht, an hie liest am léifsten Autobiographien, philosophesch Analysen sou wéi och historesch Romaner. Zanter dem 18. Januar 2016 ass den Ierfgroussherzog Member vum Verwaltungsrat vun der *Europäischer Stiftung Kaiserdom zu Speyer*, déi sech fir d'Erhale vun der bal dausend Joer aler Kathedral zu Speyer asëtz.

Den Ierfgroussherzog ass frou mat souwuel klassescher wéi och moderner Musek. Hien ass passionéierte Gittarspiller. Als Kand war hie Member vum Pueri Cantores Chouer zu Lëtzebuerg. De Prënz huet dem Lëtzebuerger Kammerorchester (OCL) sou wéi och dem Jugendorchester vun der Europäescher Unioun säin Haut Patronage accordéiert. Vun den duerstellende Kënscht huet hie den Theater besonnesch gären.





MAISON DU GRAND-DUC

Den Ierfgroussherzog begeeschtert sech fir Sport am Allgemengen, virun allem awer fir Tennis, Schifueren, Schwammen a Waassersport. Mat der Prinzessin Stéphanie geet hien sou dacks wéi méiglech d'Olympesch Spiller an d'Spiller vun de Kleng Länner kucken. Doriwwer eraus huet hien dem Lëtzebuerger Vëlossportverband säin Haut Patronage zougestanen.

Vum Groussherzog Jean huet de Pränz Guillaume d'Léift zur Natur geierft, an där hie gären Zäit verbréngt. Ëmmer erëm féieren hien d'Erzielungen vu sengem Grousspapp an de Bësch ronderëm d'Fëschbecher Schlass. Déi ierfgroussherzoglech Koppel huet sech zum Zil gesat, hirem Jong, dem Pränz Charles, dës Léift fir d'Natur weiderzeginn.